N°1660
Entrée le 13.12.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.12.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/12/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Groussregioun weiderzeleeden.**

D'WORT mellt an engem Artikel vun haut iwwert eng Serie vun Explosiounen zu Mont-Saint-Martin, direkt op der Grenz mat der Gemeng Péiteng, wou wëllentlech vu Pyromanen Objeten gesprengt goufen.

D'Situatioun zu Mont-Saint-Martin ass zënter Joren ugespaant, mee zënter 2023 gëtt dat Polverfaass ëmmer méi visibel. 2023 goufe schonns Gebaier, Tankstellen ee Centre médical an eng Schoul a Brand gesat. Am selwechte Joer koum et och zu Schëss op ee Bus vun enger RGTR-Linn, déi Lëtzebuerg mat der franséicher Regioun verbënnt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat fir Auswierkungen hunn dës Inzidenter zu Mont-Saint-Martin op d'Sécherheetslag zu Péiteng an dem Grenzraum?
2. Wäert d'Kommissariat zu Péiteng elo direkt méi Beamten kréien?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten